N° 4538
Entrée le 24.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Gesondheet & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Elektrovëloen si mëttlerweil e feste Bestanddeel vun der Mobilitéit zu Lëtzebuerg. Si droen zur Verkéierswend bäi an erméiglechen et méi Leit, de Vëlo am Alldag ze notzen. Parallel dozou weisen international Etüden awer op eng däitlech Hausse vun de schwéiere Blessuren am Zesummenhang mat E-Bikes hin — virop bei eelere Persounen a bei Jugendlechen. D'Kombinatioun vu méi héije Vitessen, engem méi héije Gewiicht vun de Gefierer an deelweis manipuléierten oder net-konforme Modeller (Stéchwuert „Débridage" respektiv illegal importéiert Fat-Bikes mat Motorleeschtungen iwwer der EU-Norm EN 15194) stellt d'Verkéierssécherheet virun nei Erausfuerderungen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Accidenter mat Elektrovëloe goufen an de leschte fënnef Joer zu Lëtzebuerg registréiert? Kënnen d'Zuelen opgeschlësselt gi pro Joer, no Gravitéit (liicht blesséiert, schwéier blesséiert, déidlech), no Alterskategorie vun de Betraffenen an no Typ vum Gefier (Pedelec 25 / Speed-Pedelec 45)?

2. Ginn Accidenter mat Elektrovëloen an den offizielle Verkéiersstatistiken aktuell systematesch getrennt vun Accidenter mat klassesche Vëloen erfaasst? Wa nee, ass virgesinn, dës Differenzéierung anzeféieren?

3. Leien dem Gesondheetsministère Donnéeë vir iwwer d'Zuel vun Urgence-Passagen an Hospitalisatiounen am Zesummenhang mat E-Bike-Accidenter? Wéi eng Tendenz zeechent sech an de leschte Joren of?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

4. Wéi vill Kontrollen huet d'Police an de leschte Joren a Bezuch op manipuléiert („débridéiert") Elektrovëloen duerchgefouert a wéi vill Verstéiss goufe festgestallt? Wéi eng Sanktioune gesäit de legale Kader aktuell vir?

5. Wéi gëtt d'Maartiwwerwaachung vun net-konformen Elektrovëloen a Fat-Bikes assuréiert, déi iwwer Online-Plattformen importéiert ginn an deenen hir Motorleeschtung oder Maximalvitessen net der EU-Norm EN 15194 entspriechen? Wéi vill esou Gefierer goufen an de leschte Jore vum Maart geholl?

6. Zu Lëtzebuerg gëllt fir d'Benotze vun engem Elektrovëlo e Mindestalter vun 10 Joer, an eng Helmflicht besteet net. Gesinn d'Regierungsmemberen — am Liicht vun der internationaler Accidentologie — e Besoin, de reglementaresche Kader (Mindestalter, Helmflicht fir Mannerjäreger) ze iwwerpréiwen?

7. Si Sensibiliséierungscampagnen zesumme mat der Sécurité Routière geplangt, déi sech spezifesch un d'Benotzer vun Elektrovëloe riichten, notamment un déi eeler Generatioun an un déi Jonk?

8. Wéi gëtt bei der Planung vun der Vëlosinfrastruktur de wuessende Vitessendifferenzen tëscht klassesche Vëloen, Pedelecs a Speed-Pedelecs Rechnung gedroen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés